Ech wéilt och just eng Remarque maachen: datt bei eiser Fraktioun eng Deputéiert net hei ass, déi awer eng ganz valabel Excuse huet, well se Presidentin ass vun der Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe, an datt ech och verstanen hunn, datt d'Oppositioun net géif aus deem Fait, wann d'Anne Brasseur net kéint hei sinn, dorauser dann eventuell wëlle politescht Kapital ënnert iergendenger Form zéien.

(Brouhaha)

M. le Président.- Ech wëll da weiderfuere mam Vote, dat heescht, den zweeten Tour fir den zweete Kandidat.

Vote pour le deuxième candidat

Déiselwecht Prozedur nach eng Kéier. D'Wahlziedele gi verdeelt.

D'Wahlziedele sinn alleguer verdeelt?

Ma da géife mer d'Wahlziedelen asammelen.

Appel nominal

Sou, fir auszeziele géife mer d'Sëtzung kuerz ënnerbriechen.

(La séance publique est suspendue à 14.57 heures.)

* * *

(La séance publique est reprise à 14.59 heures.)

Merci. D'Bulletins de vote sinn ausgezielt. Et si 55 Deputéiert, déi sech un der Wiel um zweeten Tour bedeelegt hunn. D'Resultat ass datselwecht wéi bei deem éischte Wahlgang: Et si 26 Bulletins nuls an 29 Stëmme falen op den Här Kmiotek. Bei 55 Leit, déi ofgestëmmt hunn, wär d'Majorité absolue bei 28 Stëmmen. Hei sinn der 29. Also wär laut Reglement, wéi et aktuell a Kraaft ass, den Här Kmiotek am zweeten Tour designéiert.

Vote pour le troisième candidat

Da géife mer zu der Designatioun vum drëtte Kandidat iwwergoen. D'Wahlziedele sinn amgaang verdeelt ze ginn.

Sinn d'Ziedelen alleguerte verdeelt? Da géif ech nach eng Kéier d'Kolleeginnen an d'Kolleegen alleguer opruffen.

Appel nominal

Voilà, dat war deen drëtten Tour. D'Sëtzung ass kuerz ënnerbrach.

(La séance publique est suspendue à 15.05 heures.)

* * *

(La séance publique est reprise à 15.08 heures.)

Deen drëtten Tour ass ausgezielt. Mir haten dës Kéier 54 Deputéiert, déi sech um Vote bedeelegt hunn. Mir hate 25 Bulletins blancs. A mir hunn 29 Bulletins op den Här Arrensdorf. Domat wär den Här Arrensdorf am drëtten Tour gewielt. Dat ëmsou méi, well no enger zweeter Lecture vun eisem Reglement: D'Majorité absolue entsteet duerch déi, déi um Vote sech bedeelegt hunn, d'«majorité absolue des voix», bei där d'Bulletins blancs net zielen. Wär also do d'Majorité absolue bei: 54, neen, bei 29 wär se am ongënschtegste Fall 16.

Une voix.- Dat kann net sinn!

Une autre voix.- Dat do ka jo net sinn!

M. Paul-Henri Meyers *(CSV)*.- Här President.

M. le Président.- 15, dat wär...

Une voix.- 17!

M. le Président.- Also, bei all Lecture, Här Meyers, ass d'Majorité absolue ginn. Här Meyers.

M. Paul-Henri Meyers *(CSV)*.- Här President, ech streiden net mat lech iwwert d'Reglement, well Dir hutt d'Reglement hei am Haus unzewenden an et geet net, dass een Deputéierte mat lech doriwwer e Sträit ufänkt. Wat awer net verhënnert, dass ech meng Bedenken äusseren iwwert d'Konformitéit vum Reglement zum Artikel 62 vun der Verfassung, wat ech gesot hunn a wou ech jo och e positiven Echo kritt hu bei der Majoritéit.

M. le Président.- Voilà, mat där positiver Note géife mer dann...

(Hilarité)

...eis dräi Tier ofschléissen an de Klassement wéi follegt festhalen: Als éischte Kandidat klasséiert sech den Här Mike Mathias, als zweeten den Här Christian Kmiotek an als drëtten den Här Arrensdorf. Voilà, domat wär dann dës Ofstëmmungsprozedur um Enn.

Mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, wat de Projet 6582 iwwert d'Schafe vun der Banque africaine de développement an dem Fonds africain de développement ass.

Et sief drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass. De Vote par procuration ass net erlaabt. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo direkt d'Madame Rapportrice vum Projet, d'Madame Viviane Loschetter. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Bis elo ass agedroen: den Här Frieden.

5. 6582 - Projet de loi portant approbation de
1. l'Accord portant création de la Banque africaine de développement, signé à Khartoum le 4 août 1963 tel qu'amendé
2. l'Accord portant création du Fonds africain de développement, signé à Abidjan le 29 novembre 1972 tel qu'amendé

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng), rapportrice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no der Adhésioun vum Grand-Duché un der Banque asiatique du développement proposéiert dëse Projet de loi d'Adhésioun vum Grand-Duché un d'Banque an de Fonds africain de développement. D'BAD huet sech am Joer 1963 zu Khartoum, Kenia (veuillez lire: Sudan) constituéiert, nodeems d'Majoritéit, mä deemools nach net all afrikanesch Länner, hir Onofhängegkeet erëm haten. Dës Bank huet virun allem de Bau vun noutwendegen a feelende groussen Infrastrukturen ënnerstëtzt.

1972 ass vun der Bank de Fonds africain de développement an d'Liewe geruff ginn a vun der Bank géréiert ginn. De Fong ass virun allem do, fir deenen am mannsten entwéckelten an äermste Länner ënnert d'Äerm ze gräifen. 1982 huet d'Bank sech opgemaach fir net regional Länner, sprich entwéckelt Länner, an huet sech domadder d'Méiglechkeet geschafen, sech nei finanziell Ressourcen unzëeegnen. Haut besteet d'Banque africaine de développement aus 53 regionalen, sprich afrikanesche Länner a 25 net regionalen, sprich, net afrikanesche Länner.

D'Bank gëtt majoritairement vun afrikanesche Länner géréiert. De President kënnt ëmmer aus engem afrikanesche Land. D'deklaréiert Zil vun der BAD ass et, eng Croissance an Afrika ze ënnerstëtzen an d'Aarmut ze bekämpfen, dëst op eng nohalteg Manéier.

D'Secteuren, an deenen investéiert gëtt, si villfälteg. Praktesch ee Véierel fléisst an den Energiesecteur. An effektiv huet d'Bank vill Efforten déi lescht Jore gemaach, fir sech als afrikanesch, oder souzesoen afrikanesch Klimabank opzestellen an domadder Projeten ze ënnerstëtzen, déi versichen, dem Klimawandel gerecht ze ginn.

Wann et 2004 nach 4% vum gesamten Invest duergestallt huet, esou sinn et 2010 bal 25%. Allerdéngs ginn dovunner bal 76% un déi méi aiséiert Länner, wéi Tunesien, Südafrika, Marokko oder Ägypten. Och bleiwe mer nach bei iwwert der Halschent vun den Energieprojeten, déi mat fossilen Energië fonctionnéieren. Et ass also nach Handlungsbedarf op deem Punkt, obwuel eng steigend Neigung zu Projete mat erneierbaren Energië sech unzeechent.

Soss sinn et haaptsächlech de Schinnen- a Stroosseverkéier oder déi grouss Stauséi-Infrastrukturen, déi ënnerstëtzt ginn. Leider bleift bei de Stroosseninfrastrukturen d'Ubannung bis an déi kleng, méi wäit geleeën Dierfer zweetrangeg. Et gëtt haaptsächlech a Stied, Industriezone bis bei den Hafen investéiert, fir eben den Export ze ënnerstëtzen.

An den 90er Joren ass d'Bank duerch eng hefteg Identitéitskris gaangen an huet sech missen nei a méi transparent definéieren. Säit Februar 2013 sinn nei a méi streng Informatiounskritären en vigueur, an iwwregens an Zesammenaarbecht mat de concernéierte Partner an der Zivilgesellschaft ausgeschafft ginn. Do derniewent huet sech d'Bank och en Instrument, genannt souzesoen „mécanisme de litiges", ugeluecht, operationell säit 2006. Dat sinn haaptsächlech Kontrollmechanismen, déi et och erlaben, am Fall vun engem Préjudice subi ze kloen an och gegebenenfalls entschiedegt ze ginn. Am Secteur public couvréiert dëse Mechanismus all Prozeduren a Politiken, am Privatsecteur just Sozial- an Ëmweltpolitiken.

Par rapport zu de Pays cibles vum Grand-Duché kann ee feststellen, datt tëschent 1967 an 2012 eng ronn 6% vu Kreditter an Donen un dës Länner gefloss sinn. Et mécht also Sënn, den Impakt vun enger Banque africaine de développement a vun engem Fonds africain de développement an ons Kooperatiounspolitik mat afléissen ze loossen, an dëst op verschiddenen Niveauen: iwwert de Fong, zum Beispill am Niger, oder iwwer eng Mix-Formule vu Kreditter an Donen, wéi zum Beispill am Senegal, oder carrément iwwer Kreditter, wéi am Cap-Vert, e Land, wat schonn a senger Entwécklung méi fortgeschratt ass.

Elo wou de Grand-Duché Member vun der Banque africaine de développement gëtt, gëtt e strategescht Dokument souwuel vum Finanzministère wéi och vun der Direktioun vum Kooperatiounsministère ausgeschafft, fir déi verschidden Type vu Kooperatioun erauszeschielen an natierlech fir mat dem Partnerland déi beschtméiglech Complémentaritéit tëschent APD a BAD ze garantéieren.

D'Zommen, déi déi nächst aacht Joer iwwerwise ginn, si keng supplementar APD, mä si gi Partie intégrante vun de jährlechen APD, déi bei engem Montant vun 1% vum PIB bleiwen. Toutes choses étant égales par ailleurs, ginn dës Suen iwwert déi nächst aacht Joer neutraliséiert, esou datt mer déi Limite vun 1% vum PIB och respektéiere kënnen. Dësen Invest, oder dës Suen éischter, sinn dann an de Budgetsartikele vum Finanzministère erëmzefannen.

A just als klenge Rappel: 85% vun den APD ginn iwwert de Ministère des Affaires étrangères verbucht, 10% eben elo iwwert de Finanzministère an de Rescht verdeelt iwwer aner Ministèren. D'Koordinatioun awer bleift ganz kloer bei der Direction de la Coopération au développement.

D'Memberschaft am Fonds africain de développement mécht sech iwwert d'Emissioun vun engem Bon du Trésor vu 14.514.309 Unités de compte, ëmgerechent an Euro sinn dat 19.736.557 Euro. De Bon du Trésor gëtt an aacht Tranches annuelles vun 2.467.557 Euro amortiséiert.

Duerno, wann de Grand-Duché en État participant vun dem Fong ass, kann en d'Kapital vun der Bank integréiere mat der Iwwerweisung vun enger initialer Souscriptioun. De Montant vun dëser Souscriptioun variéiert jee no Land a gëtt determinéiert no enger Quote-part am FMI an no dem Cumul vun allen net regionale Länner.

D'Souscription initiale fir Lëtzebuerg sinn 13.256 Aktiounen. Am Ganze sinn dat 30.551.856 Euro. Bleift ze klären, ob dat Joer 2013, wou Lëtzebuerg nach net Member war, ob dat elo mat deem Joer 2014 bezuelt gëtt oder ob de Projet ëm ee Joer no hanne verréckelt gëtt. Dat heescht, dat wär dann e Projet 2014-2021 an net 2020.

De Statsrot gëtt säin Accord zur Memberschaft vum Grand-Duché, souwuel zu der Bank wéi zum Fong. Hie mécht awer drop opmierksam - esou wéi Dir et och gesot hutt, Här Chambers-president -, datt an de Statute vun der Bank festgehale gëtt, datt en Amendement, dee vum Conseil des gouverneurs adoptéiert ginn ass, automatesch no dräi Méint en vigueur trëtt an all Memberstat, et sief, de Conseil des gouverneurs décidéiert eng nei Date d'entrée en vigueur.

Dat heescht, datt all État membre net méi eegestänneg entscheet, mä et entscheet fir all État membre eng Institution de droit international. An dësem Fall ass et de Conseil des gouverneurs vun der BAD an dem FAD. An dofir freet de Conseil d'État, datt d'Chamber, konform zum Artikel 49bis vun der Verfassung, dëse Projet de loi mat qualifizéierter Majoritéit muss stëmmen.

An der Kommissioun ass dëse Projet - oder dëse Rapport - eestëmmeg ugeholl ginn, esou datt ech lech och hei ka soen, datt déi gréng Fraktioun dëse Projet selbstverständlech wäert och matstëmmen. An domadder wär ech mat mengem Rapport fäerdeg.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Als éischte Riedner huet den Här Luc Frieden d'Wuert.

Discussion générale

M. Luc Frieden *(CSV)*.- Här President, ech géif gären am Numm vun der CSV-Fraktioun der Madame Loschetter Merci soe fir hire Rapport an zugläich wëllen d'Wichtegkeet ënnersträichen, déi mer dësem Gesetzesprojet accordéieren. Dofir sinn ech och frou, datt och an där neier Chamber dëse Projet, deen ech als fréiere Finanzminister d'lescht Joer am Summer déposéiert hunn, esou eng breet Zoustëmmung fënnt.

Well dee Projet hei, an dat ass dee Punkt, deen ech wollt am Numm vun der CSV-Fraktioun och maachen, ass fir eis net nëmmen d'Participatioun un enger Entwécklungsbank an deem Sënn, datt mer soen, mir sinn e staarke Partner vun Afrika an der Entwécklungshëllef an dat complétéiere mer. Ech mengen, datt Lëtzebuerg gutt drun deet, datt mer Afrika iwwert de klasseschen Entwécklungsmodell eraus als e Kontinent gesinn, op deem an deenen nächsten 10, 20 Joer e grousst wirtschaftlecht Potenzial och läit, an datt dat hei och soll hëllefen, d'Dieren opzemaachen, och fir Lëtzebuerger Betriber, Afrika an enger laangfristeger Perspektiv ze entdecken an domadder vun der Globalisatioun an engem breede Sënn vum Wuert kënnen ze profitéieren.

Dofir sinn ech frou, wéi gesot, datt dëse Projet esou schnell am Ufank vun dëser Legislaturperiod ka gestëmmt ginn. A selbstverständlech ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Frieden. Den Här Fayot.

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Merci, Här President. Och ech géif gären am Numm vun eiser Fraktioun der Madame Loschetter Merci soe fir hire Rapport. Ech géif och dem Här Frieden Merci soe fir seng ergänzend Remarquen zu dësem Projet an dann och nodréiglech félicitéiere fir d'Initiativ.

Ech géif dann och den Accord gi vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. le Président.- Merci dem Här Fayot. Dann den Här Berger.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Den Här Hansen.

M. le Président.- Den Här Hansen. Entschëllegt. Den Här Hansen.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Här President, et ass den Här Hansen, deen...

M. le Président.- Jo, entschëllegt. Dir waart bei mir.

Här Hansen, Dir hutt d'Wuert. Entschëllegt, dass ech lech mam Här Berger verwiesselt hunn. Dat kënnt net méi vir.

Une voix.- Oh, dat ass eng Éier.

M. Marc Hansen *(DP)*.- Här President, ech huelen d'Entschëllegung un. Et hätt kënne méi schlëmm falen.

Une voix.- Dat ass net méiglech.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Loosst lech net beiren, Här Hansen.

M. Marc Hansen *(DP)*.- Neen, neen. Ech mengen, do ass jiddwerengem senger Imaginatioun fräie Laf gelooss heibannen.

Ech géif un éischter Plaz der Rapportrice, der Madame Loschetter, villmools Merci soe fir souwuel de schrëftleche wéi awer och de mëndleche Rapport. Ech mengen, dee war ganz ausféierlech. An et kann een och hei ënnersträichen, dass d'Madame Loschetter richtegerweis an der Kommissioun insistéiert huet, dass mer net nëmmen iwwert d'Suen an d'Zuele géife schwätzen, déi domadder verbonne sinn, dass Lëtzebuerg an d'Banque africaine de développement eraklëmmt, mä et ass eis och wichteg, fir ëmmer ze kucken, wat mat deem Geld geschitt. Ech mengen, et ass noutwendeg, dass d'Suen esou agesat ginn, dass se och de Mënschen, fir déi se geduecht sinn, wierklech an hirem alldeegleche Liewen hëllefen, an dass een dat globaalt Zil, wat ee mat der Kooperatiounspolitik verfollegt, och ni aus den Ae soll verléieren.

Ech mengen, d'BAD, d'Banque africaine de développement, huet d'lescht Joer de 50. Anniversaire gefeiert. An den Här Frieden huet et och gesot, et steet Lëtzebuerg gutt zu Gesiicht, dass mer hei bäitrieden. Lëtzebuerg mécht zënter Jore vill Efforten an der Entwécklungshëllef an och am Budget vun dësem Joer, also am Budget vun 2014, ass et deen 1% vun eisem Revenu national brut, dee virgesinn ass, fir Länner a Leit ze ënnerstëtzen, déi op eis Hëllef ugewise sinn.

Ech mengen, wann zënter dem Dépôt vum Budget an der leschter Woch vill driwwer geschwat ginn ass, wou d'Spuermesurë sinn, da kann een awer och eng Kéier ënnersträichen, dass net un dësem 1% geréckelt ginn ass, deen an d'Entwécklungshëllef fléisst. An ech mengen, et ass och wichteg, dass dat eng Kéier gesot gëtt.

Dëst Engagement an der Afrikanescher Bank fir Entwécklung ass complémentaire zu deem, wéi Lëtzebuerg och op bilateralem Plang mat deene verschiddene Pays cibles zesummeschafft. Ech mengen, an enger ëmmer méi komplexer Welt ass et sécher wichteg, dass een iwwer esou vill wéi méiglech Kanäl probéiert, seng Efforte beschtméiglech anzesetzen.

Nieft den 53 regionale Länner, déi an der afrikanescher Bank Aktionär sinn, ginn et och 25 net regional Länner, déi dozou gehéieren. Eis Nopeschlänner si schonn alleguerte Member,

an och e ganze Koup vun eisen aneren europäesche Partner sinn hei engagéiert. Mir sinn op jidde Fall der Meenung, dass déi ronn 30 Milliounen Euro, déi hei iwwert déi nächst Jore bei der BAD indirekt oder direkt engagéiert ginn, e weidere Baustee sinn, fir eng kohärent Kooperatiounspolitik ze maachen. An ech ginn dann och domadder hei den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Hansen. Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen ageschriwwen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll och vun eiser Säit aus der Kolleegin Viviane Loschetter Merci soen, déi souwuel an der Kommissioun wéi och haut hei an der Plénière eis an allen Detailer dëse Projet virgedroen an erkläert huet.

Ech mengen, mir als ADR wäerte selbstverständlech och dësem Projet zoustëmmen. Et ass e wichtege Projet, well mer als Lëtzebuerger Land do der Banque africaine de développement BAD bäitrieden an domadder och iwwert dee Wee eise Beitrag zur Entwécklungshëllef leeschten. Mir wëssen alleguer, datt d'Zil vun der BAD d'ekonomesch Entwécklung an den afrikanesche Staten an d'Bekämpfung vun der Aarmut ass, an dat duerch eng nohalteg Politik.

Déi 30 Milliounen, déi mer hei investéieren, déi ginn eiser Entwécklungshëllef ugerechent an déi wäerten dann, iwwer zéng Joer verdeelt, bezuelt ginn.

Wann ech soen, datt mer dat als positiv gesinn an datt mer dee Projet och wäerte stëmmen, wëll ech awer net hei verkennen, datt mer net direkt mam Projet - duerfir stëmme mir jo och de Projet -, awer insgesamt e Problem hunn, wat d'Berechnungsbasis ubelaangt. Ech mengen, mir hunn och viru Kuerzem hei an der Chamber, wéi mer eng Kapitalerhéijung vum FMI, vum Fonds Monétaire International, hei diskutéiert hunn, schonn déi Remarque gemaach, datt mer soen, datt eise Betrag, dee mir un den FMI bezuelen, datt deen eiser Meenung no méi héich ass, oder ze héich ass am Verhältnis zu anere Länner. En ass dat Dräi-, Véierfacht méi héich pro Kapp wéi dat, wat d'Nopeschlänner bezuelen!

Et ass eis kloer gesot ginn, datt dat opgrond vun enger Berechnungsbasis ass, déi bei der Grënnung vum FMI zesummegesat ginn ass, an datt de Finanzsecteur vu Lëtzebuerg, deen hei am Land esou eng grouss Importenz huet, datt dee méi staark gewiichteg an där Berechnung dran ass an datt duerfir Lëtzebuerg ebe muss méi bezuelen. Mä mir hunn awer och kloer gesot, datt also an Zäiten, wou de Statsbudget méi serréiert ass, datt et do wichteg wier, datt een déi international Participatioune vu Lëtzebuerg, déi eiser Meenung no deelweis ze héich sinn, géif erëm eng Kéier iwwerdenken, quitte wëssend, datt et schwéier ass beim FMI, un deem Schlëssel eppes ze änneren, well et do eng Mass vu Länner sinn, déi mussen domat d'accord sinn.

Dat Zweet, wou mer e Problem hunn - trotzdeem stëmme mer et awer, wéi gesot -, dat ass, wa mer erëm hei en Deel Souveränitéitsrechter ofginn, wat och doduerch dokumentéiert gëtt, datt mer et musse mat enger qualifizéierter Majoritéit hei am Parlament stëmmen.

Dat sinn zwee Punkten, déi vun eis aus eng Kritik gebraucht hunn an déi mer hei hu misse maachen, mä déi direkt mam Zil vum Projet, en Zil, wat mer begréissen, näischt ze dinn huet. An duerfir, wéi gesot, bréngen ech d'Zoustëmmung vun eisem Grupp fir dëse Projet.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Gibéryen. Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. D'Entwécklung vun Afrika ass eng Saach, déi eis ganz um Häerz läit. Et ass e Kontinent, deen ee vun deenen ass, déi nach net genuch entwéckelt sinn a wou nach ganz vill ze maache wier. Wa mer trotzdeem hei deem Projet net kënnen eis Zoustëmmung ginn, dann ass et sécher net aus Souveränitéitsgrënn, well mer do iergendwellech Souveränitéitsrechter géifen opginn. Bien au contraire! Et ass wichteg, mengen ech, fir d'Zil ze hunn, engem Kontinent ze hëllefen, sech ze entwéckelen, et ass och wichteg, eege Souveränitéitsrechter opzeginn, wann et noutwendeg ass, an esou engem internationalen Traité bäizetrieden an och ze hëllefen, do ze investéieren.

Et ass just d'Fro gestallt, eiser Meenung no, ob dat Zil heimat erreecht ka ginn. An ech beruffe mech do op en Artikel, dee veröffentlecht ginn ass an der Zäitschrëft „Brennpunkt" vun der ASTM, vun der Association Solidarité Tiers Monde, deen do ganz kritesch ass, dee seet, dat wier am Fong geholl eng Kooperatiounspolitik aus dem Finanzministère. Et ass jo déposéiert ginn och vum fréiere Finanzminister, dem Här Frieden, deen och hei positiv natierlech sech dozou geäussert huet.

Mä déi Kritiken, déi an deem Artikel gemaach ginn, sinn am Fong geholl déi, dass se net am Sënn vun enger Kooperatiounspolitik am eigentleche Sënn ze gesinn ass, mä dass et éischter et am Intérêt ass vu grousse Firmen aus deene Länner, déi déi Verträg hei ënnerschreiwen. Déi profitéiere vun esou enger Investitiounspolitik, an dee Return on investment, vun deem, mengen ech, den Här Frieden geschwat huet, deen ass reell. Dat heescht, fir all Euro, deen do dragestach gëtt, kommen esou vill Euro erëm zréck.

Duerfir ass et och zweifelhaft, fir dat iwwerhaapt zur Kooperatiounspolitik derzouzerechnen. Et gëtt an deem Artikel eng Schwäizer ONG zitéiert, Déclaration de Berne, déi gesot huet, dass déi Projeten dacks esou konzipéiert sinn, dass nëmme grouss Firmen dovu profitéiere kënnen, dass den Notze fir déi lokal Wirtschaft kleng ass an dass déi aarm Bevëlkerungsschichte kaum dovu profitéieren.

Et ass och nach gesot ginn, dass d'Entwécklungspolitik zu Lëtzebuerg insgesamt kleng gehale gëtt, dass versicht gëtt, net iwwert deen 1% ze kommen, dass do „fieberhaft Einsparungen" géife bei der Kooperatiounspolitik gemaach ginn. Ech zitéieren aus deem Artikel hei. An et gëtt gesot, wann et am Regierungsprogramm géif heeschen, dass d'Kooperatioun mat den internationalen Organisatioune soll op hir Effektivitéit ënnersicht ginn, dass am Fong geholl d'Chamber misst deen Traité hei oflehnen, well en am Fong geholl net dem eigentleche Sënn vun der Kooperatiounspolitik entsprécht, mä éischter am Interessi vun deene groussen internationale Multien ass, déi haaptsächlech dovu profitéiere wäerten. Dat ass eng Ursaach, firwat mir dee Projet hei net kënnen esou stëmmen.

M. le Président.- Entschëllegt, Här Urbany,...

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Den Här Angel wëllt mer eng Fro stellen.

M. le Président.- ...erlaabt Der, dass den Här Angel Iech eng Fro stellt?

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Här Urbany, ech weess, dass Ar Partei net vertrueden ass an der aussepolitescher Kommissioun, déi sech och beschäftegt mat Froe vun Entwécklungshëllef, an ech froen Iech, ob Der vläicht de Rapport gelies huet vun där Sitzung, wou mer den Entwécklungsminister, de Romain Schneider, an der Kommissioun haten, wéi en och de Regierungsprogramm virgestallt huet a wou e ganz kloer gesot huet - an duerfir soen ech dat -, dass net gespuert gëtt bei der Entwécklungspolitik, wou e ganz kloer gesot huet, dass mer dat Zil behalen.

An ech wollt Iech och froen, ob Der vläicht wësst, dass et e Comité interministériel gëtt, dee geleet gëtt am Ministère vun der Direktesch vun deem Ministère, wou natierlech och e Responsabele vum Finanzministère dran ass, an do ginn déi Froen all diskutéiert. An do gëtt derfir gesuergt, an dat huet déi Direktesch mer och gesot, dass alles an enger Vue vun Entwécklungspolitik gemaach gëtt.

Ech wollt Iech dat just soen. Liest dee Rapport no, da wësst Der, dass munches, wat an deem Artikel steet, vläicht net grad esou der Realitéit entsprécht, wéi et dosteet.

Merci.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Et steet jo net hei dran, et géif gekuckt ginn, ënnert déi 1%-Hürd do ze kommen. Mä et gëtt gesot, et géif alles versicht ginn - an dat steet eendeiteg hei dran -, fir net iwwer 1% Entwécklungshëllef am Budget ze kommen. Dat heescht, wann ech dat, esou wéi ech dat interpretéieren, gëtt et Besoinen, fir do driwwerzekommen. Et gi Projeten hei zesummegestrach: „Multilaterale Kontrakte werden revidiert, administrative Kosten gesenkt sowie LuxDev und die ONGs zu Einsparungen aufgefordert". Dat steet awer ganz däitlech hei dran, ënnert der Handschrëft vu Leit, déi Spezialisten op deem Gebitt do sinn an deenen ech dann emol a priori muss gleewen, wann ech esou eppes liesen.

Ech fäerten, dass hei vill ze vill Kooperatiounspolitik dem Finanzminister ënnergeuerdnet gëtt an dass et hei eigentlech guer net méi ëm Entwécklungspolitik a Kooperatiounspolitik am eigentleche Sënn sech dréint. Dat ass eng Ursaach, firwat mir dee Projet hei op jidde Fall net kënne stëmmen. Mir wäerten eis enthalen dobäi.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Urbany. D'Riednerlëscht wär um Enn, an ech géif dann d'Wuert weiderginn un d'Regierung. Den Här Finanzminister huet d'Wuert.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech géif gär fir d'Éischt emol der Rapportrice Viviane Loschetter Merci soe fir dee ganz gudde Rapport an och fir déi Presentatioun hei an der Chamber. Ech freeë mech och, dass d'Fraktiounen alleguerten dee Projet hei wäerten ënnerstëtzen. Ech mengen, dass et e ganz gudde Projet ass, deen d'Visibilitéit vu Lëtzebuerg an Afrika wäert no uewe schrauwen.

Ech wollt eng kleng Prezisioun ginn zum Montant, wat och nach net erkläert ginn ass: Am Projet initial, deen d'lescht Joer déposéiert gi war, war vu 26 Milliounen Euro geschwat ginn, an haut sinn et der 30. Dat ass haaptsächlech drop zréckzeféieren, dass d'Droits de tirage spéciaux evoluéiert hunn an dass dann dofir déi Adaptatioun huet misse gemaach ginn.

Wat elo d'Imputatioun vun deene Gelder ubelaangt, déi hei virgesi sinn, wëll ech effektiv nach eng Kéier ënnersträichen, dass déi Paiementer souwuel fir d'Banque africaine de développement wéi och de Fonds africain de développement op aacht Joer wäerte gestreckt ginn. Ech wëll och do elo eng Prezisioun ginn. Mir wäerten dat Ganzt dann ëm e Joer décaléieren; well déi Fro jo och vun der Rapportrice gestallt gi war. Dat schéngt mer dat Gesondst an dat Richtegst ze si par rapport zu de Budgetsregelen. A mir wäerten dat an der Enveloppe vun 1% Revenu national brut par rapport zu eiser Entwécklungshëllef maachen.

Well och dat ugeschwat ginn ass, wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen, dass de Finanzministère an der Aide au développement de Juniorpartner ass, an en ass och zefridden, de Juniorpartner ze sinn. Mir finanzéieren als Finanzministère ongeféier 10% vun der Entwécklungshëllef, an dat ass en fait doduerch ze justifizéieren, dass de Finanzministère zoustänneg ass fir d'Institutions financières internationales. A fir do déi Kohärenz ze behalen, fannen ech et eng gesond Saach, dass dat esou opgedeelt ass. Mä mir sinn de Juniorpartner. Et ass de Ministère de la Coopération, deen d'Strategie festsetzt an deen d'Haaptsoen huet, mä natierlech geschitt dat an Ofsprooch mat ons.

Ech mengen, dass duerch déi Memberschaft, déi mer elo hei ustriewen, eis Visibilitéit um afrikanesche Kontinent nach méi grouss gëtt. Dir wësst, dass mer a sechs Länner aktiv sinn an der Aide au développement, dat si mat déi äermste Länner, déi et op der Welt gëtt. A mir solle roueg stolz sinn, dass mer deenen hëllefen. Mä doduerch, dass mer hei elo Member ginn, mengen ech, kënne mer déi Hëllef méi effikass gestalten. Doriwwer solle mer eis freeën. An ech mengen och, dass mer doduerch, dass mer hei Member ginn an der Banque africaine de développement an dem Fonds africain de développement, och méi Kohärenz an eis Politik kréien.

Ech wëll och soen, dass et net total onwichteg ass a soll verschrieë sinn, dass eis Entreprisë sollen associéiert sinn, wann dat ka gemaach ginn. Déi meescht Länner op der Welt maachen dat systematesch. Mir si scho wierklech Puristen an deem Domän. A wa mer hei iwwert déi Memberschaft kënnen eisen Entreprisë ganz e bëssen op deene Marchéen Dieren opmaachen, ech mengen, dat ka kengem schueden.

Dofir, mengen ech, freet sech d'Regierung, dass esou vill Zoustëmmung zu dësem Projet ginn ass.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Finanzminister. Domat wäre mer um Enn von eiser Diskussioun ukomm a mir géifen iwwert de Projet 6582 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6582 et dispense du second vote constitutionnel

Ech wëll Iech nach eng Kéier drun erënneren, dass eng Zwee-Drëttel-Majoritéit erfuerdert ass an dass et bei dësem Projet keng Votes par procuration gëtt.

Ech lancéieren de Vote. Huet jiddwereen ofgestëmmt? Da schléissen ech de Vote of.

55 Deputéiert waren hei. 53 hunn um Vote deelgeholl: 51-mol Jo an 2 Abstentiounen.

Ech mengen, bei mengem Vote war e Problem. Et kënnt net oft vir, mä et kënnt vir.

Domat wär de Projet 6582 gestëmmt.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexandre Krieps et Edy Mertens;

M. Claude Adam, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech géif Iech froen, ob Der domat d'accord sidd, fir e vum zweete verfassungsméissege Vote ze entbannen?

(Assentiment)

Merci villmools.

Da géife mer zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet 6551, eng Ofännerung vun eisem Steiergesetz. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Bis elo sinn ageschriwwen: déi Häre Roth a Reding. An d'Wuert huet d'Rapportrice, d'Madame Elvinger. Madame Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

6. 6551 - Projet de loi visant l'adaptation de certaines dispositions en matière d'impôts indirects et portant modification:
- de la loi modifiée du 28 janvier 1948 tendant à assurer la juste et exacte perception des droits d'enregistrement et de succession;
- de la loi modifiée du 13 juin 1984 portant révision de certaines dispositions législatives régissant la perception des droits d'enregistrement;
- de la loi organique de l'enregistrement du 22 frimaire an VII;
- de la loi organique du timbre du 13 brumaire an VII;
- de la loi modifiée du 23 décembre 1913 concernant la révision de la législation qui régit les impôts dont le recouvrement est attribué à l'administration de l'enregistrement et des domaines

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

Mme Joëlle Elvinger *(DP), rapportrice*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de 7. Mäerz 2013 ass de Projet de loi 6551 vum deemolege Finanzminister Luc Frieden déposéiert ginn. Um Text vum Projet de loi waren en Exposé des motifs, e Commentaire des articles an eng Fiche financière annexéiert. D'Chambre des Salariés, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an d'Chambre des Métiers hunn hiren Avis zu dësem Projet de loi ofginn.

D'Chamber gouf den 28. Mee 2013 mat engem Regierungsamendement saiséiert, op deen ech duerno nach zréckkomme wäert. Mir kruten du complémentaire Avise vun der Chambre des Salariés, der Chambre de Commerce, der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics.

De Statsrot huet säin Avis zum Projet de loi an zum Regierungsamendement den 22. Oktober 2013 ofginn. Den Avis vum Statsrot war duerchaus positiv an de Statsrot huet och keng substanziell Änderunge gefrot. Déi redaktionell Modifikatiounen, déi de Statsrot proposéiert huet, sinn all vun der Kommissioun ugeholl ginn, mat Ausnahm vum Titel vun zwee Gesetzer am Intitulé vum Projet de loi an an den neien Artikelen 3, 5 a 6.

Den 28. Januar 2014 sinn ech an der Finanz- a Budgetskommissioun Rapporteur vun dësem Projet de loi genannt ginn. Während dërselwechter Sëtzung huet d'Finanzkommissioun de Projet de loi an den Avis vum Statsrot analyséiert. De Rapport ass an der Sëtzung vum 25. Februar 2014 à l'unanimité mat Ausnahm vun enger Enthalung ugeholl ginn.

De Projet de loi 6551 schreift sech ganz kloer an de Kader vun enger Simplification administrative an. Et geet hei ëm d'Chancelleriestimberen, déi een ënner anerem brauch fir d'Immatrikulatioun vun engem Auto, de Führerschäin, eng Handelsermächtegung oder d'Verlänge-